

Fusioun Philharmonie-OPL

Der Kulturministesch hir Conclusiounë ware sech z'erwaarden, an och wa nach ëmmer äifreg vu verstärkte Synergie geschwat gëtt – eigentlech leeft alles op eng Fusioun vun der Philharmonie an dem Philharmoneschen Orchester Lëtzebuerg eraus. Eng nei gemeinsam juristesche Struktur, wéi se a spëtstens 18 Méint soll realiséiert sinn, kann näischt anescht bedeuten. Um Enn vun deem Prozess steet e Concertshaus mat engem eegenen Orchester, deem eng privilegiéiert Positioun huet. Nieft hirem Hausorchester mécht d'Philharmonie dann och nach eng eege Programmatioun.

Et freet ee sech, firwat den Här Martin Sanders, fréieren Direkter vum Concertgebouw vun Amsterdam, dës Propositioun net scho viru 5 Joer gemaacht huet. Deemools war e bei der Konzeptioun vun der Philharmonie derbäi, elo huet e mat un engem Audit geschafft, wou just de Contraire vun där zweegleiseger Struktur erauskoum, wéi se bis dato gegollen huet.

D'Kulturministesch Octavie Modert huet op alle Fall Wuert gehalen. Si hat viru Méint ugekënnegt, dat se am Dossier Philharmonie-OPL eppes géif ënnerhuelen, dat se mat der interner Konkurrenzsituatioun um Kierchbierg net zefridde wier an op eng Léisung géing pochen.

Dat ass elo geschitt, an et dierf een natierlech gespaant sinn, wéi déi Zesummefeierung elo konkret ofleeft.

D'Ministesch hat déi betrafte Verwaltungsreit ëm hir Meenung gefrot an hat och d'Orchestermuséker mat agebonnen. Déi dräi Gespréichspartner wëssen also, wat op se duerkënnt. Datt d'DP motzt, well si an d'Kulturkommissioun vun der Chamber nach net an d'Bild gesat goufen, dat mécht der Kaz kee Bockel.

De Matthias Naske, den Direkter vun der Philharmonie, huet elo déi delikat Aufgab, zesumme mat Verrieder vun der Fondatioun Salle de concerts Grande-Duchesse Joséphine-Charlotte an der Fondation Henri Pensis d'Fusioun virzebereeden. Dat lescht Wuert huet d'Parlament, dat déi nei Struktur op e gesetzlecht Fëllement muss stellen.

Wéi dat neit, gemeinsam Haus vun der Philharmonie an dem OPL wäert geréiert ginn, dat kéint een aus dësem Virbereedungsgremium erausliesen: e paritéitesch besate Verwaltungsrot mat engem Generaldirekter Matthias Naske.

Vläicht hat d'Kulturministesch schonn an där Perspektive dem Matthias Naske säi Kontrakt bis 2015 verlängert?

Datt d'Octavie Modert hir Conclusiounen am Ufank vun der grousser Vakanz public gemaacht huet, ass net iwwerzebewäerten. Déi betreffen Institutiounë wosste Bescheed, et gouf also kee vun iergendenger Hiobsbotschaft iwwerrascht. Allerdéngs huet d'Ministesch den Dossier elo mol fir zwee Méint aus der ëffentlecher Diskussioun geholl an ad-hoc-Reaktiounen geschéckerlech verhënnert.

Si kann allerdéngs net verhënnern, dat d'Fusioun Philharmonie-OPL an deenen nächsten zwou Saisonen eng stänneg Begleetmusek wäert sinn. ♦

Guy Engels

Kulturredakter radio 100,7



Kulturchronik vum 26.7.2010

Kulturchronik um radio 100,7 all dënschdes um 7.55 an 12.50 Auer